

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, d'Madamm Justizminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An engem Interview, deen hien de Moien um Radio 100,7 ginn huet, huet den Här Bausseminister am Besuch op de russesche President Wladimir Putin, ënner anerem dës Ausso virgeholl: *"Dat wier jo och alles, wat een him kéint wënschen, datt dee géif wierklech och physesch eliminéiert ginn, fir datt dat dote géif ophalen."*

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Gesäit den Här Staatsminister et als ubruecht un, datt de Lëtzebuurger Bausseminister ëffentlech zu déidlecher Gewalt géint e gewielten, auslännesche Staatschef opriff? Falls jo, kann hien dann elaboréieren, wéi dës Positioun begrënt ass a prezis ausdifferenzéieren, wou hie bei all Eenzelfall d'Grenzen zitt? Falls net, kann den Här Staatsminister da matdeelen, wéi eng Konsequenzen hien aus der Ausso vum Här Bausseminister wëll zéien?
- 2) Ass dem Här Bausseminister seng Ausso strofrechtlech relevant, z.B. als Opruff zum Mord oder als Haassried?
- 3) Kann den Här Staatsminister matdeelen ob déi Ausso vum Här Bausseminister och d'Positioun vun der Regierung ass an ob si virdrun tëschent den eenzele Regierungsmemberen a Koalitiounsparteien ofgeschwat gi war?
- 4) Wéi en Impakt huet esou eng Ausso op d'Relatiounen tëschent Lëtzebuerg a Russland an engem Kontext dee souwisou scho ganz komplizéiert ass?
- 5) Wëll den Här Bausseminister sech fir dës Ausso géintiwwer dem Här President Putin entschëllegen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, vun der Madamm Justizminister a vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro n° 5851 vum 2. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER iwwert „propos du Ministre des Affaires étrangères et européennes envers le Président de la fédération de Russie“

D'Regierung verweist an dësem Kontext op de Communiqué vum Aussen- an Europaministère vum 2. Mäerz 2022 (« Prise de position du ministre Asselborn relative à l'interview du 2 mars 2022 sur la radio 100,7 »), deem si näischt bäizefügen huet.

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL